PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 AOUT 2019
1073

Lëtzebuerg, den 20/08/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Cultes, Sozialversécherung, Justiz & Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Weltwäit ginn et leider nach ëmmer Persounen an Organismen, déi sougenannte "Konversiounstherapien" ubidden. Mat äusserst obskuren an onwëssenschaftleche Methode gi Mannerjäreger an Erwuessener mat diverse sexuellen Orientéierunge „behandelt". Vill Persounen aus der LGBTIQ*-Communautéit ginn domat an déif Identitéitskrise gestierzt an hir sexuell Orientéierung gëtt wéi eng Krankheet ugesinn. Heefeg féieren dës Konversiounstherapië souguer zum Suicide a ginn trotzdeem ënnert anerem vu verschiddenste reliéise Glawensgemeinschaften, aktiv promouvéiert.

Aus deem Grond huet déi gréng Fraktioun aus dem däitsche Bundestag den 20. Februar 2019 e Projet de Loi (19/7932) am däitsche Parlament deposéiert, fir déi genannten Therapien ze verbidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen di Dammen an Hären Minister sécherstellen, datt am Grand-Duché keng sougenannte Konversiounstherapien ugebueden an duerchgefouert ginn?
2. Här Minister Bëttel, kënnt Dir mat Sécherheet soen, datt zu Lëtzebuerg, och innerhalb vu reliéise Communautéiten, esou Praktiken net existéieren oder promouvéiert ginn?
3. Kann de Minister Schneider garantéieren, datt esou „Therapien" net iwwert Gesondheetskeess rembourséiert goufen oder ginn?
4. Wier den Här Minister Braz bereet dës Therapien ze verbidden?
5. Madamm Ministesch Cahen, wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung an de leschte 5 Joer ergraff, fir op d'Gefore vu Konversiounstherapien opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 août 2019

Objet : Question parlementaire n° 1073 du 19.08.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Thérapie de conversion

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Henri Kox
Vice-Président de la Chambre des Députés